

# ripevusch

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

RIPPWEILER → IEWERLENG → USELDENG → SCHANDEL

No. 2 / 2007

# Inhaltsverzeechnis

*Zeitung vun der Gemeng Useldeng No. 2 / 2007*


**[03]** D'Kanner an der Gemeng
**[04]** Commune-Art 2007
**[06]** Schoulorganisatioun 2007/2008
**[10]** Nei éducatrice graduée bei der Gemeng Useldeng
**[11]** Merci Schoulmeeschter Jos Schmit
**[13]** Useldeng am Mëttelalter
**[15]** Musikschule im Kanton Redingen
**[16]** Harmonie Useldange: Présentatioun nei Uniformen
**[17]** Extrait du registre aux délibérations du conseil communal de la commune d'Useldange
**[19]** F.C. Useldeng
**[21]** Genderhaus
**[23]** Peintures Robin: la tradition qui a de l'avenir
**[24]** Schulausflug nach Durbuy
**[26]** Nationalfeierdag 2007
**[27]** Den Internetsite useldeng.lu: elo interaktiv & am neie Look
**[28]** Mammendagfeier, Summeraktivitéiten & Studentenjobs
**[29]** Tennistournoi 2007
**[30]** Ausstellung vum 6<sup>te</sup> Schouljoer am Kulturjoer
**[31]** Ben Neuhengen nahm Abschied von der Gemeinde Useldingen
**[32]** Schoulfest 2007
**[33]** Rätsel-Eck
**[34]** Manifestatiounskalenner



***(Merci Jackie Weber)***

mise en page: **a | part** | impression: imprimerie **reka** | tirage: **600 exemplaires**




# D'Kanner an der Gemeng...

*Vill Säiten vun dëser Editioun beschäftegen sech mat der Schoulorganisatioun, bei där d'Gemeng probéiert huet, och dëst Joer, déi motivéiert a kompetent Equipe vum Léierpersonal mat qualifizéierten Enseignanten ze verstärken, fir esou eise Kanner déi beschtméiglegst Educatioun ze bidden .*

*Nieft dem reng schouleschen an den obligatoreschen Horairen huet Useldeng am Joer 2007 awer nach en enorme Schrëtt no vir gemaach.*

*Pro Woch ginn et ronn 5 Stonnen Hausaufgabenhëllef an der Schoul, vun deene vill Kanner profitéiert hunn.*

*Vu September un mécht d'Maison Relais, déi schons deelweis fonktionnéiert huet, e ganz wichtegen Ausbau vun den Aktivitéiten. De Gemengerot huet eng Educatrice graduée engagéiert, déi sech ëm dës wichteg Aufgab bekëmmert. Vun der Rentrée aus un kënnen d'Kanner aus eiser Gemeng vu moies 7.30 Auer bis owes 18.00 Auer an der Schoul léieren an betreit ginn, dat sinn 10,5 Stonnen pro Dag. Dës Maison Relais fonktionnéiert och an de Vakanzen an ass ronn 11 Méint am Joer opérationnel. Alles an Allem sinn dat pro Woch, nieft der Schoul, 31 Stonne Betreiung a pädagogesch Hëllef „22,5 Stonnen pro Woch méi"wéi nach am Joer 2006.*

*An deene nächste Méint mussen dës Servicer elo mol richteg un d'Rullen kommen. A bestëmmt muss een heiansdo um Ufank nach e bësse feilen. Mä d'Weichen sinn an déi gutt Richtung gestallt, well e wichtegt Element, dat eng Gemeng an d'Gesellschaft huet, dat sinn hir Kanner. Och an anere Beräicher huet d'Gemeng wëlles fir nach vill ze bewegen. Mir si frou iwwer all Ureegung an Iddi, déi d'Bierger hunn, fir zesumme weiderzekommen.* ▪








[Fotoen: Léon Grégorius]

# Commune-Art 2007
# Kënschtler aus eiser Gemeng

Text: Roger Feiereisen

Wie in unserer letzten Ausgabe erwähnt, möchten wir an dieser Stelle nochmals auf unsere Ausstellung zurückkommen. Dass diese erste Ausstellung zum vollen Erfolg wurde, ist in erster Linie ein Verdienst unserer Künstler und der Qualität ihrer Werke. Die Teilnahme dieser mehr oder minder versteckten Talente trägt zum allgemeinen kulturellen Wohlergehen unserer Gemeinde bei. Es ist daher selbstverständlich, dass wir diese Künstler näher kennen lernen wollen, und ihnen an dieser Stelle auch die Möglichkeit geben, sich allen Einwohnern unserer Gemeinde vorzustellen.

In einem ersten Teil möchten wir sie heute mit einigen Künstlern bekannt machen, die sich im Folgenden vorstellen möchten. In der nächsten Ausgabe werden wir auf die restlichen Künstler zurückkommen. Wir möchten aber bereits jetzt alle zu einer Teilnahme an einer nächsten Kunstausstellung einladen.

## Antoinette Barthelemy-Lampertz, Schandel

Acrylmolereien, Skulpturen a Keramiken

Ech haat ëmmer Freed um kreative Schaffe mat Faarwen a Material. Viru 25 Joer hunn ech ugefaang am Salzdeeg ze schaffen. Ech hunn eng Formatioun an der Chiemgau-Konscht gemaach. Fir d'Useldenger Gemeng hunn ech Skulpturen aus Koffer entworf.

- Formatioun an der Keramik
- Owescoursen am Lycée Classique Diekirch beim „Bolly"
- Permanent Schaffen am Atelier beim Nicole Huberty zu Péiteng
- Weider Coursen am „Konschthaus" zu Heischent beim Maggy Kremer an am „Prabbeli" zu Wolz
- Zënter 4 Joer Summer-Akademie am Arts et Métiers an der Stad
- Acryl-Molerei a Collagen am „Konschthaus" zu Heischent beim Corinne Goetz a Rainer Bauer
- Owescoursen zu Veianen am Atelier „Pogo"
- 2005: Keramik-Ausstellung am „Grains Nobles" beim Fernand Klee zu Steesel.
- 2007: Commune-Art Useldeng, Gemeinschafts-ausstellung am „Konschthaus" zu Heischent, Gemeinschaftsausstellung am Atelier „Pogo" zu Veianen, Participatioun um „Open Air Konstfestival Lellgen"

## Claudine Even-Bourgraff, Iewerleng

Molereien

Geboren in Wiltz, wohne ich seit 1980 in Everlingen. Meine Hobbys allgemein sind Malen, Aquarell-Technik, Acryl Ölfarbe -figurativ und abstrakt. Ich bin Autodidaktin und nehme seit 1993 an Ausstellungen teil. So habe ich u.a. teilgenommen an Ausstellungen in Tüntingen, Dahl, Wilwerwiltz, Lellingen, Remich, Stegen, Michelau und anderen.

## Denise Feiereisen-Schmit, Useldeng

Patchwork an Teddyen

Seit 1988 wohne ich in Useldingen, mit einer Unterbrechung von etwa 5 Jahren im Ausland. Nach einem Anfängerkursus in Patchwork, der 1995 in Useldingen stattfand, folgten weitere in Bissen und Hesper, womit meine Leidenschaft zum Quilten u. Patchwork geboren war. Desweiteren folgten Weiterbildungskurse im Ausland, u.a. das Erlernen von Spezialtechniken in zwei 14-tägigen Quiltkursen in Griechenland, ehe ich mich entschloss selbst Kurse zu halten. Meine Zeit in Jakarta nutzte ich um mich, durch die Kontakte mit ausländischen Patchworkfreunden, mit anderen Materialien (z.B. Batikstoffe) und Anwendungsmethoden vertraut zu machen.Bei einer rezenten internationalen Austellung (festival of quilts) in Birmingham (England) gelang es mir einen dritten Rang zu erreichen. Neuerdings habe ich mich neben den Patchworkarbeiten dem Hobby der „Teddy"-Herstellung zugewandt, wie bei unserer Ausstellung zu ersehen war.

## Arlette Friedl-Anzia, Useldeng

Modern Molerei

Meng Hobbie si Seidemolerei, Abstraktmolerei, Filzen, Gestalte vu Bijouen a Keramik. Keramik hunn ech duerch Oweskuren am Keramiksatelier zu Bilschdrëf geléiert. Duerch meng Nopesch sinn ech op d'Abstraktmolerei komm, an hu mäin Wëssen duerch Kuren erweidert. Ech filzen Ketten, Poschen an Decken.

D'Konschtausstellung an der Gemeng hunn ech ganz flott fonnt a wir frou wann dess Ausstellung sich next Joer ging widderhuelen.

## Nicole Jacob-Anzia, Useldeng

Keramik

Mäin Hobby ass ë.a. Bastelen an duerch eng Frënndin hunn ech Intressi fonnt fir am Lehm ze schaffen. Zënter dem Joer 2000 beschäftegen ech mech intensiv mat Keramik. Ech hunn 2 Joer laang Owescourse besicht, a sinn haut Member a Formatrice am Club a.s.b.l. Neimillen vu Bilschdrëf (Keramiksatelier). Dëse Veräin erméiglecht de Leit aus der ganzer Emgéigend hir eege Keramikkreatiounen (géint bezuelen) am Veräinsuewen ze brennen. Eng ähnlech Initiative kënnt ech mir och gutt an eiser Gemeng virstellen. Während de Schoulvakanzen bedeelegen ech mech matt vill Freed zu Bilschdrëf am Atelier un de Kannernomëtteger, wou d'Kanner kreativ am Lehm schaffen.

Fir mech war d'Konschtausstellung zu Useldeng eng flott Saach.

## Martine Schott-Frank, Iewerleng

Keramik

Ech wunnen zu Iewerleng, wou ech och meng Primärschoulzäit verbruecht hunn. No mengen Etudes Supérieures am IEES zu Fenteng hunn ech als diploméiert Educatrice während 8 Joer am Internat Ste Anne geschafft. Ech hunn awer eng nei Erausfuerderung gesicht, dei ech bei der Ligue HMC zu Réide fonnt hunn. Hei schaffen ech elo zënter 5 Joer als Educatrice mat engem Grupp vu behënnerte Leit am Centre Propédeutique Professionnel (CPP).

2003 hun ech mat der Keramik ugefaang. Fir d'eischt mat deene Behënnerten, fir hir Fangerfäerdegkeet ze trainéieren an hinnen nei Perspektiven opzemaachen. Keramik ass dunn awer séier zu mengem Hobby ginn. Fir meng Technik ze verbesseren hunn ech mech an diversen Weiderbildungscoursen ageschriwwen: 2003-2005 an der Formation continue vun der Keramik, 2005 an 2007 am Cours vun der Summerakademie am Arts et Métiers, 2006 am Cours beim Michelle Weydert. D'Resultater vu menge Beméiungen konnt Dir schonn um Vernissage fir Hobbykünstler am Fréijoer 2007 zu Useldeng bewonneren. ■

# Schoulorganisatioun 2007-2008

## Précoce
Titulaire: Claudia Hansen-Czerwonka
5 Kanner

Bodem Anna, Iewerleng
Guerreiro-Luis Joana, Iewerleng
Hansen Béatrice, Useldeng
Harpes Luca, Rippweiler
Schmit Yana, Rippweiler

## Spillschoul A
Titulaire: Lotty Bissen-Schroeder
9+12=21 Kanner

**1. Joer**
Frank Liz, Useldeng
Gheorghita Cristian, Iewerleng
Hoffmann Lynn, Useldeng
Kaufmann Catherina, Iewerleng
Kaufmann Luca, Useldeng
Pauly Sheila, Rippweiler
Schroeder Gilles, Iewerleng
Shelest Vladislav, Useldeng
Straus Linda, Useldeng

**2. Joer**
Cirelli Marco, Iewerleng
Daro Selina, Useldeng
Gengler Noah, Schandel
Goedert Alissa, Schandel
Jacoby Sam, Useldeng
Koster Claire, Useldeng
Matelart Janelle, Useldeng
Nobre Carvalho Veronica, Iewerleng
Orlando Elio, Useldeng
Reiff Ben, Schandel
Sabanovic Larissa, Useldeng
Schoder Pol, Rippweiler

## Spillschoul B
Titulaire: Sandra Emeringer
7+12=19 Kanner

**1. Joer**
Adam Cizerou, Iewerleng
Braun Cheyenne, Iewerleng
Da Silva Zoé, Useldeng
Kerger Constance, Iewerleng
Sabanovic Irvin, Useldeng
Wagener Meggie, Useldeng
Wies Max, Useldeng

**2. Joer**
Douchy Anouck, Useldeng
Duarte Xavier, Iewerleng
Emiliozzi Loredana, Iewerleng
Frank Luca, Useldeng
Frank Sam, Iewerleng
Gomes Eduarda, Iewerleng
Hansen Lynn, Useldeng
Mores Patrick, Rippweiler
Nesser Aurélie, Useldeng
Schmit Lara, Rippweiler
Spartz Stéphane, Schandel
Weber Lisa, Useldeng

## 1. & 2. Schouljoer A
Titulaire: Claudine Risch
9+11=20 Kanner

**1. Schouljoer**
Braun Dakota, Iewerleng
De Lorenzi Jil, Iewerleng
Delhommais Chidi, Useldeng
Deutsch Jenny, Iewerleng
Evans Lee, Iewerleng
Frank Lea, Useldeng
Kleer Tom, Iewerleng
Rodrigo Chaves Luca, Iewerleng
Winter Michi, Rippweiler

**2. Schouljoer**
Denelle Luca, Useldeng
Gefken Jana, Useldeng
Goedert Elodie, Schandel
Graf Melina, Schandel
Hecker Chris, Iewerleng
Nikocevic Dzenan, Useldeng
Parries Luc, Useldeng
Rosa Carneiro Sonia, Useldeng
Stranen Jeff, Iewerleng
Wagener David, Useldeng
Weber Alex, Useldeng

## 1. & 2. Schouljoer B
Titulaire: Nadine Schummer
10+10=20 Kanner

**1. Schouljoer**
Belche Jo, Useldeng
Braibant Sonia, Useldeng
Gaspar Lopes Tiago, Schandel
Hecker Carrie, Iewerleng
Jadoul Ruben, Useldeng
Martins Franco Mariana, Iewerleng
Piccini Sam, Schandel
Waltzing Tom, Useldeng
Welfring Célia, Schandel
Wolff Kathrin, Useldeng

**2. Schouljoer**
Bintener Tom, Iewerleng
Celebic Armin, Useldeng
Daro Joëlle, Useldeng
Fisch Anne, Rippweiler
Goedert Jerome, Schandel
Hoffmann Lisa, Iewerleng
Ribeiro Garcia Daniel, Iewerleng
Schmit Joé, Rippweiler
Siebenaller Gilles, Iewerleng
Spartz Pierre, Schandel

## 3. Schouljoer
Titulaire: Christiane Neuman
17 Kanner

Anzia Jessy, Useldeng
Anzia Willy, Useldeng
Bevilacqua Lara, Schandel
Carrilho Pilro Tony, Iewerleng
Cirelli Romain, Iewerleng
Correia Isidoro Rafael, Rippweiler
Correira Isidoro Filipe, Rippweiler
Gaspar Lopes Melissa, Schandel
Gaspar Lopes Vanessa, Schandel
Hennico Claire, Useldeng
Koster Max, Useldeng
Manaia De Sousa Laura, Iewerleng
Oberweis Svenja, Useldeng
Reding Max, Useldeng
Sabanovic Dalila, Useldeng
Schroeder Milena, Rippweiler
Texeira Santos Claudia, Useldeng

## 4. Schouljoer
Titulaire: Simone Theis-Linster
16 Kanner

Beckers Ben, Schandel
Bintner Tom, Useldeng
Biver Ben, Useldeng
Cannucci Pit, Schandel
Fisch Jessie, Rippweiler
Frank Ben, Iewerleng
Haxter Yannick, Useldeng
Heuschling Eric, Rippweiler
Kleer Lynn, Iewerleng
Laurent Kevin, Useldeng
Nushi Andy, Useldeng
Rekad Kevin, Schandel
Schroeder Luc, Rippweiler
Turmes Jerry, Iewerleng
Vila Reding Stacy, Rippweiler
Winter Romy, Rippweiler

## 5. Schouljoer
Titulaire: Georges Heyart
20 Kanner

Adam Daniel, Iewerleng
Bach Lynn, Iewerleng
Boudler Xavier, Useldeng
Dries Noé, Useldeng
Finck Manon, Useldeng
Gomes Alexandre Eunice, Iewerleng
Guerreiro-Luis Katia, Iewerleng
Henn Kim, Rippweiler
Hoffmann Fränz, Iewerleng
Kerger Jeannine, Iewerleng
Manaia De Sousa Luca, Iewerleng
Nikocevic Kenan, Useldeng
Nushi Aurela, Useldeng
Parries Joyce, Useldeng
Piccini Tom, Schandel
Rischard Melissa, Useldeng
Rodrigo Chaves Joy, Iewerleng
Vesque Joël, Rippweiler
Wolff Charles, Iewerleng
Wolff Pit, Useldeng

## 6. Schouljoer
Titulaire: Eric Zellinger
19 Kanner

Beckers Steve, Schandel
Douchy Thomas, Useldeng
Evans Zoé, Iewerleng
Frank Lena, Useldeng
Friedrich Jennifer, Useldeng

Gehlen Anne, Useldeng
Habscheid Laurence, Useldeng
Haxter Christopher, Useldeng
Hennico Laurent, Useldeng
Hoffmann Pol, Iewerleng
Kauthen Norbert, Useldeng
Kleer Gil, Iewerleng
Loos Felix, Useldeng
Maitre-Bollendorf Océane, Useldeng
Martins Franco Alexandra, Iewerleng
Piccini Kim, Schandel
Schartz Mike, Useldeng
Weber Marie, Useldeng
Wolff Anne, Iewerleng

## Reliounsunterricht

Monique Barthel
Léa Barthelemy-Sietzen

## Ed. morale et sociale

Sylvie Rischard-Logeling

## Décharge

Gilles Develter
Claudia Hansen-Czerwonka
Sylvie Rischard-Logeling

## Appui & Assistance

- Ënnergrad (1. & 2. Schouljoer): Viviane Muller-Calmes
- Mëttelgrad (3. & 4. Schouljoer): Gilles Develter
- Uewergrad (5. & 6. Schouljoer) (poste bleift ze besetzen)

## Inspectorat

- Fir de Préscolaire an de Primaire:
  Jean-Paul Welter
  43, rue de Dahlem
  L-4997 Schouweiler
  Tel. 23 65 22 77
  Fax 26 37 09 77
  Email: jean-paul.welter@education.lu

- Fir de Moral-& Reliounsunterricht:
  Claudine Hess
  21, Cité Wuesheck
  L-8351 Dahlem
  Tel. 38 07 79
  Email: claudine.hess@education.lu

## Adresses utiles

- Délégué vum Léierpersonal:
  Gilles Develter
  Tel. 621 50 18 11
  Tel. 26 61 14 36 (Schoul)
  Fax 26 61 00 13
  Email: gilles.develter@education.lu

- Concierge Schoul & Sportshal:
  Christian Sinner
  Tel. 621 35 09 21
  Tel. 26 61 14 20 (Schoul)
  Fax. 26 61 07 12
  Email: concierge.useldange@ecole.lu

- Sekretär vun der Elterevereenigung:
  Gérard Anzia
  Tel. 23 63 00 33
  Fax 26 61 00 26
  Email: gerard.anzia@education.lu

- Schoul Useldeng um Internet:
  www.useldeng.net

## Fräi Samschteger, Schoulvakanzen & Schoulufank

(matgedeelt vum Ministère de l'Education Nationale)

**fräi Samschteger / samedis libres**

- 1er trimestre
  samedi, le 29 septembre 2007
  samedi, le 13 octobre 2007
  samedi, le 10 novembre 2007
  samedi, le 24 novembre 2007
  samedi, le 08 décembre 2007
- 2e trimestre
  samedi, le 12 janvier 2008
  samedi, le 26 janvier 2008
  samedi, le 23 février 2008
  samedi, le 08 mars 2008
- 3e trimestre
  samedi, le 12 avril 2008
  samedi, le 26 avril 2008
  samedi, le 24 mai 2008
  samedi, le 07 juin 2008
  samedi, le 21 juin 2008
  samedi, le 05 juillet 2008

Les classes de l'enseignement préscolaire et du précoce chômeront tous les samedis.

**Calendrier des vacances et congés scolaires pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire**

- L'année scolaire commence le samedi, 15 septembre 2007 et finit le mardi, 15 juillet 2008.
- Le congé de la Toussaint commence le samedi, 27 octobre 2007 et finit le dimanche, 4 novembre 2007.
- Jour de congé pour la fête de la St Nicolas: le jeudi, 6 décembre 2007.
- Les vacances de Noël commencent le samedi, 22 décembre 2007 et finissent le dimanche, 6 janvier 2008.
- Le congé de Carnaval commence le samedi, 2 février 2008 et finit le dimanche, 10 février 2008.
- Les vacances de Pâques commencent le samedi, 22 mars 2008 et finissent le dimanche, 6 avril 2008.
- Jour de congé pour la Fête du Travail: le jeudi, 1er mai 2008.
- Jour de congé pour l'Ascension: le jeudi, 1er mai 2008.
- Le congé de la Pentecôte commence le samedi, 10 mai 2008 et finit le dimanche, 18 mai 2008.
- Jour de congé pour la célébration publique de l'anniversaire de S.A.R. le Grand-Duc: le lundi, 23 juin 2008.
- Les vacances d'été commencent le mercredi, 16 juillet 2008 et finissent le dimanche, 14 septembre 2008.

**Remarques**

- Les classes chôment le jour du pèlerinage à Notre-Dame de Luxembourg.
- La veille des vacances de la Toussaint, de Noël, de Carnaval, de Pâques et de la Pentecôte, les élèves sont congédiés à la fin des cours de l'après-midi, c'est-à-dire le vendredi à 16.00 heures.
- Le lendemain de la 1re communion, les classes de 3e année d'études fonctionnent normalement. Toutefois, l'enseignante de cette classe accepte d'éventuelles excuses écrites concernant les absences d'élèves au cours de la matinée.

**Schoulufank / Rentrée des classes**

- Les enseignants seront en réunion le samedi, 15 juillet, dans la matinée, pour organiser les aspects pratiques de la rentrée.
- Le lundi, 17 septembre, jour de la reprise des classes, est une journée entière; les enfants sont congédiés à la fin des cours de l'après-midi.

## Schoultransport / Transport scolaire

**Trajet A - ALLER**
Rippweiler → Everlange → Schandel → Ecole centrale

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Rippweiler<br>Arrêt Grottestrooss | 7h35 | 13h35 |
| Everlange<br>Arrêt Rue Principale (Café Engel) | 7h42 | 13h42 |
| Schandel<br>Arrêt Elsen | 7h47 | 13h47 |
| Schandel<br>Arrêt Eglise | 7h49 | 13h49 |
| Schandel<br>Arrêt Viichtenerstrooss | 7h52 | 13h52 |
| Ecole Centrale | 7h57 | 13h57 |

**Trajet A - RETOUR**
Ecole centrale → Schandel → Everlange → Rippweiler

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Ecole Centrale | 11h45 | 16h00 |
| Schandel<br>Arrêt Viichtenerstrooss | 11h50 | 16h05 |
| Schandel<br>Arrêt Eglise | 11h53 | 16h08 |
| Schandel<br>Arrêt Elsen | 11h55 | 16h10 |
| Everlange<br>Arrêt Rue Principale (Café Engel) | 12h00 | 16h15 |
| Rippweiler<br>Arrêt Grottestrooss | 12h07 | 16h22 |

**Trajet B1 - ALLER**
Everlange → Useldange → Ecole centrale

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Everlange<br>Moulin | 7h32 | 13h32 |
| Everlange<br>Arrêt du Pont C. Culturel | 7h35 | 13h35 |
| Useldange<br>Arrêt Lahr | 7h42 | 13h42 |
| Useldange<br>Ancienne Ecole | 7h45 | 13h45 |
| Ecole Centrale | 7h48 | 13h48 |

**Trajet B1 - RETOUR**
Ecole centrale → Useldange → Everlange

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Ecole Centrale | 11h53 | 16h08 |
| Useldange<br>Ancienne Ecole | 11h58 | 16h13 |
| Useldange<br>Arrêt Lahr | 12h01 | 16h16 |
| Everlange<br>Arrêt du Pont C. Culturel | 12h08 | 16h23 |
| Everlange - Moulin | 12h11 | 16h26 |

**Trajet B2 - ALLER**
Useldange/Cimetière → Ecole centrale

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Useldange<br>Arrêt Cimetière | 7h53 | 13h53 |
| Ecole Centrale | 7h57 | 13h57 |

**Trajet B2 - RETOUR**
Ecole centrale → Useldange/Cimetière

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Ecole Centrale<br>Useldange | 11h45 | 16h00 |
| Arrêt Cimetière | 11h48 | 16h03 |

**Aux parents qui, malgré l'existence du transport scolaire, décident néanmoins d'amener leurs enfants en voiture:**

- Veuillez respecter les limitations de vitesse sur le parking de l'école
- Veuillez vous garer aux emplacements prévus avant de laisser sortir les enfants
- Veuillez faire en sorte que les enfants se trouvent avant 8h00 resp. 14h00 dans la cour de récréation.

Merci d'avance pour votre collaboration!

**Un d'Elteren déi hir Kanner trotz Schoultransport mam Auto bréngen:**

- Haalt Iech w.e.gl. un d'Vitesslimitatiounen um Parking
- Haalt w.e.gl. nit matzen am Wee stall mee fuert bis op di agezeechent Parkplaze fir Är Kanner erauszeloossen!
- Kuckt datt Är Kanner virun 8 resp. 2 Auer am Schoulhaff sinn.

Merci am Viraus fir Är Mataarbecht!

# L'éducatrice graduée en charge de la Maison Relais



Depuis le 1er septembre, Karin Zians travaille auprès de la Commune d'Useldange en tant qu'éducatrice graduée en charge de la Maison Relais. Karin Zians est bien préparée pour sa nouvelle fonction puisqu'elle travaillait pendant 9 ans au « Dillendapp » à Beckerich et connaît bien les différentes facettes de sa nouvelle tâche.

Pour les parents qui se décident encore à inscrire leurs enfants pour la Maison Relais, Mme Zians pourra être jointe le lundi 10.9 et le mercredi 12.9 entre 09h00 et 12h00 au numéro: 26 61 14 50

Pendant l'année scolaire (sauf vacances), Mme Zians peut être jointe tous les lundis et mercredis entre 14h00 et 16h00 au même numéro.

# Merci Schoulmeeschter Jos Schmit!



Et hätt kënnen ee schéinen Owend ginn bei äis zu Iewerleng, méindes, den 30. Abrëll vun dësem Joer. De Cortège vun der 1. Meefeier hat grad ugefaang. Virun Denger Wunneng, am fréiere Schoulhaff, stongen d'Pompjeeë prett fir d'Wirschtercher ze grillen. Du has wéi gewinnt déi jonk Musikanten zesummegefouert, fir am Cortège matzegouen. Du hues wéi all Joer ënnerwee Däi schwéiert Instrument, de Bass, gespillt. Et gouf Dir net gutt. Eng Stonn méi spéit stunge mir all erschlou virun Denger Hausdier a konnten d'Noriicht nit begräifen, nit faassen a scho guer nit verdroen. Du waars dout, onwidderrufflech. Däin Häerz hat opgehal mat schlouen, matten an der Freed vum Owend.

Vill vun Denge Frënn ware bei Dir, wéi s Du eis all fir ëmmer verlooss hues. Ee klengen Trouscht, kuerz no Denger flotter 60. Gebuertsdagsfeier mat de Schoulkanner, kuerz no der gemeinsamer Ouschtervakanz zu Obertauern, kuerz no Denger verdéngschtvoller Matarbecht um Useldenger Pompjeesbuch, kuerz no der leschter Iewerlenger Gesangsprouf a Musekssprouf, een Dag nodeems Du eis Kommiounskanner bei hirer 1. Hl Kommioun am Chouer vun der Useldenger Kierch bei hirem Gesank begleet, e puer Stonnen nodeems Du fir d'lescht Dier vun Dengem Klassenzëmmer vum 5. Schouljoer an der Useldenger Schoul zougezunn, a Minutten, nodeems Du mat ville vun äis nach perséinlech geschwat a gelaacht has. Ee klengen Trouscht bleift dëst lescht Zesummesinn, verbonne mat ville schéinen Erënnerungen.

No den trauregen Ereegnësser vu Steesel spiere mir haut emsou méi batter: „den Himmel brauch wuel dëst Joer gutt Schoulmeeschteren".

Vill vun Denge Schoulkanner, vun haut a vu fréier, hu gekrasch ënnerwee an zu Béigen do uewen am Éisleck, wéi si Dech, op Dengem leschte Wee no heem an Däin Heemechtsbuedem, begleet hunn. Zu Béige waars Du op d'Welt komm, den 20. Abrëll 1947 als eelste vu fënnef Kanner vun den Eltere Nic Schmit an Yvonne Thines. Do hues Du als Bauerejong Deng Primärschoul gemaach an duerno zwee Joer an der Regionalschoul zu Klierf geléiert. Et war Däin deemolege Schoulmeeschter, deen Deng grouss Talenter am Ëmgank mat der Wëssensvermëttlung erkannt hat an Dir de Schoulmeeschterberuff ugeroden huet. Deng Elteren hate vläicht op Dech als Bauer gezielt, hunn Dech awer liewenslaang an Dengem Beruff ënnerstëtzt, an Du hues hinnen um Haff doheem zu Béigen eng Hand mat ugepackt, ëmmer wann si Dech an Denger Fräizäit gebraucht hunn.

Däi schéine Beruff, deen Dech 37 Joer laang an eiser Mëtt esou eenzegaarteg wierke gelooss huet, hat Dech am Joer 1970 duerch Zoufall an de Kanton Réiden op Iewerleng verschloen, wou s Du mat der Ennerstëtzung vum deemolege Conseil, ënnert dem Buergermeeschter Nic. Anzia eng Ustellung kruuts, a wou s Du bei der Famill Neuhengen-Gringoir bis 1985 privat een neit Doheem fonnt hues. Dës bescheiden a streng perséinlech Liewensconditiounen an Deng déif, liewenslaang Frëndschaft mam Jong vun déser Famill, dem Ben Neuhengen, bleiwen an eiser gemeinsamer Erënnerung als beschte Bewäis vun Denger mënschlecher Gréisst .

Et si vill wonnerbar Sätz iwwer Dech gesot ginn an de vergangene 6 Wochen, offiziell, bei Dengem Begriefnes zu Béigen, vum Här Paschtouer Michel Bock a vum Buergermeeschter vun der Gemeng Useldeng, dem Här Pollo Bodem, privat a perséinlech vu villen Honnerte vu Leit, déi sech an éierlechem Matgefill an am déiwe Respekt virun Denger Liewensleeschtung bei verschiddenen Trauerdéngschter a Versammlunge getraff hunn, fir de Schoulkanner an Denge Geschwëster zur Säit ze stouen, a fir selwer eens ze ginn mam déiwe Sënn vun deem, wat s Du eis all, 37 Joer laang, ouni eng Kéier ze zécken, esou éierlech an esou ouni Fisematente virgelieft hues: „Chrëscht sinn a Frënd sinn". →

Wat huet Dech charakteriséiert als Schoulmeeschter?

Du has eng ganz eenzegaarteg Erzéiungsmethod. Däin onbriechbare Wëllen an d'Ausdauer, Denge Kanner an der Primärschoul dat néidegt Réckgrat ze ginn, fir spéider a weidere Studien resp. am Beruffsliewen anstänneg Fouss ze faassen, hu sech a ville Facette vun Dengem Schouldéngscht gewisen. Wëssensvermëttlung war fir Dech net nëmme léieren, ma virun allem och kenne léieren, ausprobéieren, Ustrengunge maachen a widderhuelen. Du hues Dech iwwer d'Schoulstonnen eraus mat Denge villen Talenter duerfir agesat, dass Deng Schüler Gesank, Musik an Theater kenne geléiert hunn, dat si an der Vakanzkolonie Gemeinschaft geüübt hunn, dat si sech dobaussen emweltbewosst a sportlech beweegt hunn. Joerelaang stongs Du hinne bei der Virbereedung op hiren Opnahmexamen fir an de Secondaire an Denger Fräizäit fir Gratis-Nohëllefstonnen zur Verfügung. Fir Dech war eng perfekt Kenntnis vun de grammatesche Regelen iewescht Prioritéit, fir d'Schéinheet vun enger Sprooch ze erfaassen. Däi Schouldag huet meeschtens ugefaang mat engem Lidd. An Denger Klass gouf vill zesumme gelaacht. Awer streng konnts Du och sinn, ganz streng esouguer.

„Ech war an eiser Klass net deen Allerbravsten, awer de Jos war liewenslaang wéi ee Brudder fir mech", dëse spontane Saz vun engem fréiere Schüler um Owend vu dengem Doud seet vill aus. Jos, et war bis zu Dengem Doud ni esou däitlech ginn, wéivill vun Dengen insgesamt ca. 500 Schüler, Dech perséinlech, bei spéidere Studien-, Beruffs- a Familgeproblemer, doheem an Denger klenger Kichen am „Härenhaus" zu Iewerleng opgesicht hunn, fir Trouscht ze fannen an Hëllef ze kréien.

Du waars ee Veräinsmënsch, Jos, vu gudder Eislécker Qualitéit. Du waars joerelaang Präsident vun der Iewerlenger Musik, Member vun der Chorale, Sekretär vum CTF, Komiteesmember an der LNVL-Sektioun Kanton Réiden, Delegéierten vum Léierpersonal aus der Gemeng an an dëser Missioun, Member am Komitee vun der Elterevereenegung, Member vum Parrot asw. Du hues ni opginn. Veräinsengagementer a Komerodschaft verlaangen als Asaz vill Vertrauen, vill Courage a vill Toleranz a ginn als Merci de stëlle perséinleche Genoss vum Resultat dovunner. „De Jos Schmit huet Mënschen zesummegefouert an zesummegehalen". Mat dësem Satz huet den Här Paschtouer Mathieu Janssen, an der Kierch zu Iewerleng, Deng grouss Mënscheléift zesummegefaasst. Wat dat am Alldag bedäit huet, wëssen all déi, déi vum Jos senger Gesellschaft jeemools konnte profitéieren. Du hues jorelaang mat de Solfègecourse fir d'Kanner der Iewerlenger Musik gudde Nowues virbereed, fir Mammendag an Nikloosdag Sketcher ageprouft, Theater gespillt, Reesen an Ausflich organiséiert. An ouni Däin Asaz fir ee gemeinsamt Musizéiere vun de Fanfaren Iewerleng a Wëntger, an déi flott Concerten vu Gesank a Musik douewen zu Béigen, hätt munch grouss Léift de gemeinsamen Takt net fonnt.

Du waars ee Brudder, Jos, deen sech gesuergt huet ëm d'Wuelergoue vu senge Léifsten. Du waars ee Frënd, deen sech net ze schued war, deen een oder aneren ee klengt Stéck op sengem Liewenswee ze droen.

Du waars ee Kolleg, wéi een dat ënner Männer esou schéin nennt. Mat Dir konnt een eppes plangen, eppes ënnerhuelen a Spaass hunn. Deng jorelaang „Classe de neige"-Reesen op Obertauern mat Denger Schoulklass an Deng interessant Reese mat gudde Frënn a verschidde Kontinenter waren a bleiwe legendär. Et war fir d'Kanner een Héichpunkt vum Schouljoer a fir d'Frënn eng Éier: „Si si mam Jos an d'Vakanz" huet et dann allgemeng geheescht, an dëst huet ëmmer irgendwéi berouegend geklongen.

Enner Kollege soll een sech ëmmer d'Wourecht soen. De Jos huet seng Meenung nit hannert dem Bierg gehal a konnt heiansdo och domat unecken. Ma fir richteg ze streide, muss ee bekanntlech zu zwee sinn. Deen zweeten am Sträit hu mir bei Dir ni fonnt, Jos, an duerfir si mir Dir dankbar.

Du waars a bleifs eis ee Virbild a villem. Du waars eis all ee gudden a gerechte Schoulmeeschter an eiser eegener Liewensschoul. Merci Jos Schmit.

*Deng Frënn aus der Useldenger Gemeng.* ▪




[Foto: Claude Bach]

# Useldeng am Mëttelalter

Text: Fernand Rossi

Am 16. Juni 2007 hatten die Fußball-Altherren aus Useldingen zu einer Retro-Reise ins Mittelalter eingeladen. Es war dies der erste zaghafte Versuch das Treiben aus längst vergangenen Zeiten um und auf der Burg wieder aufleben zu lassen.

Die (sehr) kurze Anlaufzeit in Bezug auf Organisation war eine echte Herausforderung an all diejenigen die sich bereit erklärten dieses Spektakel mit auf die Beine zu stellen. Unter dem Motto „Useldeng am Mëttelalter" sollte um die alte Burg ein Mittelalter-Markt aufgebaut werden. Gaukler, Handwerker, Musiker und auch Ritterschaukämpfe durften auf keinen Fall fehlen.

In kürzester Zeit und mit tatkräftiger Unterstützung der Viandener Bruderschaft „Milites Vinennenses" wurde ein sehenswertes Programm zusammengstellt. An dieser Stelle sollte man deshalb nicht versäumen der Bruderschaft einen großen Dank auszusprechen. Sie stellte nicht nur Kleidung und Trinkbecher zur Verfügung, sondern und vor allem war sie es die durch ihr Zutun wesentlich zum Erfolg des Festivals beitrug. Sie hatte sich eigens zu diesem Anlass aus alten Überlieferungen und Sagen rundum die Useldinger Burg ein Spektakel und Schaukampf einfallen lassen, den sie einem begeisterten und staunendem Publikum in gekonnter Manier forführten. →


[Foto: Claude Bach]





[Fotoen: Claude Bach]

Gegen 18.00 Uhr wurde das Mittelalter-Getreibe mit einer feierlichen Zeremonie für eröffnet erklärt. Zu gegebenem Anlass überreichte der Viandener Ratsherr und Ritter dem Bürgermeister und Vorsitzendem des Clubs ein Wappen als Geschenk. Alsdann begaben sich Rittersleut und Barden in einem festlichen Umzug auf den Weg durchs Dorf.

Das Wetter zeigte sich einigermaßen gnädig und so schien einem guten Gelingen nichts im Wege zu stehen. Hatte man sich eine positive Resonanz auf diese innovative Idee erhofft, so wurde man vom Publikumserfolg so zu sagen überwältigt. Was im Nachhinein dazu führte, dass schon zu relativ früher Stunde die kulinarische Verpflegung etwas zu wünschen übrig ließ. Ein Faktum, das bei zukünftigen Veranstaltungen tunlichst vermieden werden sollte… .

Im Verlauf des Abends stellten die verschiedenen Gaukler und Spielleut ihr Können unter Beweis. So beeindruckte Kato, der Feuerspucker groß und klein mit seiner Feuershow. Die „Stater Schmatten" führten den zahlreichen, interessierten Besuchern ihre Schmiedekunst vor. Dim Traou Dansal weihte die Tanzbegeisterten in die Welt der keltischen Tänze ein und animierte das Publikum auf dem Festival-Gelände mit ihrer Musik während Clanrock zu fortgeschrittener Stunde die zahlreichen Zuhörer mit ihrem Mittelalter-Rock begeisterten. Scriptorium aus Frankreich, last but not least, präsentierten das Handwerk des Buchbindens und vermittelten einen Gesamteinblick in die Kunst der alten Schriften. Im Vorraum des Centre Culturel hatten sie dazu eine imposante Ausstellung hangefergtigter Lederwaren und alten Schriftstücken aufgebaut.

Zu all dem herrschte reges Marktreiben wo die verschiedenen Handwerker, Künstler und Händler ihre Ware feilboten und sichtlich mit zufriedenen Mienen den Heimweg antraten.

Unter dem Strich kann die erste Ausgabe dieses mittelalterlichen Spektakels als gelungen bewertet werden. Auf das allgemein positive Echo hin dürfte einer weiteren Folge also nichts im Wege stehen. ■




# Musikschule im Kanton Redingen

Text: Charles Reiser

*Diplome an 156 Schüler überreicht. Zahl der Einschreibungen mit positiver Tendenz.*

Die diesjährige Diplomüberreichung an die Laureaten des Schuljahres 2006-2007 der Musikschule des Redinger Kantons fand dieses Jahr im Rahmen der 100-Jahrfeier der Feuerwehr und der Musikgesellschaft im dicht besetzten Kulturzentrum in Ell statt.

Nach seinen Willkommensgrüßen ging Präsident Roger Schneider auf den positiven Trend in puncto Schülerzahlen ein. Rund 600 Einschreibungen zu denen verschiedenen angebotenen Kursen stellt den Stellenwert und die Bedeutung der Musikschule im Kanton Redingen bestens unter Beweis. Deshalb ging sein Dank an alle Eltern, an die neun Gemeindeverwaltungen des Syndikats für ihre gute Zusammenarbeit sowie an die Direktion, das Sekretariat mit allen Lehrbeauftragten und Schülern für ihre finanzielle und moralische Unterstützung, ihren Einsatz und ihre Ausdauer. Für die Gemeindeverantwortlichen gab es eine gute Nachricht von Roger Schneider. Er wies darauf hin dass das Budget der Musikschule nicht schlecht aussieht und für das kommende Schuljahr keine Erhöhung der Beiträge vorgesehen ist. Das Verwaltungsbüro das sich monatlich zu verschiedenen Sitzungen zusammen mit Vizepräsident Fernand Müller und Marcel Maack trifft, sei man zu großem Dank verpflichtet. Ebenso ging sein Dank an die Gemeindeverwaltung Ell mit Bürgermeister Jos Thill und dem Organisationsvorstand für das zur Verfügung stellen des schmucken Kulturzentrums Camille Ney in Ell.

Im Verlauf der Abschlussfeier konnten sodann die 156 Laureaten der Musikschule ihr Diplom aus den Händen ihrer jeweiligen Gemeindevertreter entgegennehmen.

## Musikalische Kost im Verlauf der Diplomüberreichung

Die Diplomüberreichung in Ell war geprägt von verschiedenen musikalischen und gesanglichen Auftritten bei denen das musikalische Können der Musikschüler mit großem Applaus honoriert wurde. Nicht zu überhören war ohne Zweifel der Auftritt der „classes de percussion" unter der Leitung von Piotr Narloch und Serge Schoentgen auf ihren 12 Schlagzeugen. Im Programm standen weiterhin gesangliche Aufführungen der „classe de chant" unter der Leitung von Teresa Malinowski. Mit Musik vom Feinsten wusste das Jugendorchester der Redinger Musikschule unter der Stabführung von Jean-Marie Grimler diser Feier eine besondere musikalische Note zu geben. In ihrem Schlusswort hoben Henri Rasque, Präsident des Organisationsvorstandes und Bürgermeister Jos Thill das hohe Niveau und die Bedeutung der Musikschule des Redinger Kantons besonders hervor, beglückwünschten alle Laureaten anlässlich dieser Feier und luden zum Ehrenwein ein. ■




[Foto: Roby Kauthen]

# Presentatioun vun den neien Uniforme vun der Harmonie Useldeng

Text: Guy Reichert

En Daschdig, den 3. Juli 2007 huet d'Harmonie Useldeng hir nei Uniforme presentéiert. Dëst war bei der Geleeënheet vum „Concert um Kiosk" am ale Schoulhaff um 20.00 Auer. Well d'Wieder nit esou richteg matgespillt huet an et schonn Deeg virdru gereent huet, sollt de Concert eigentlech am Centre Culturel sinn. Mee dee war leider besat an dunn huet d'Gemeng eis am Schoulhaff d'Zelt vum Syndicat d'Initiative zur Verfügung gestallt. An dëst war nit ëmsoss, well scho wéi d'Fotoe gemaach gi sinn, huet et gereent. Mee et sollt nach schlëmmer kommen. Während dem Concert ass en Donnerwieder niddergaang an et huet geschott wéi mat Eemeren. E puer vun de Musikanten an den Dirigent si schéin naass ginn, esou datt d'Uniformen ageweit gi sinn.

Nom Concert ass nach gegrillt ginn an e puer Pätt sinn och nach gedronk ginn.

Merci nach eng Kéier der Gemeng fir de Subsid, deen et erlaabt huet, datt d'Musik déi nei Uniforme kount bestellen. ▪



# Extrait du registre aux délibérations du conseil communal de la commune d'Useldange

## 1. Ecoles

Le conseil communal approuve 9 contrats de louage de service à durée déterminée pour chargé(e)s de cours pour le remplacement dans l'enseignement précoce, préscolaire ou primaire.

Pour l'année scolaire 2007/2008, le conseil communal nomme Mme Claudia Hansen-Czerwonka, domiciliée à Useldange, à l'enseignement précoce, Melle Emeringer Sandra, domiciliée à Platen, à l'enseignement préscolaire, M. Georges Heyart, domicilié à Reimberg et M. Zellinger Eric, domicilié à Pratz sur 2 postes dans l'enseignement primaire. Mme Muller-Calmes Viviane et Mme Sylvie Rischard-Logeling, les deux domiciliées à Useldange, sont confirmées comme chargées de cours pour l'année scolaire 2007/2008.

Le conseil accorde une décharge complète de sa tâche d'enseignement pour l'année scolaire 2007/2008 à M. Marc Hilger et approuve l'organisation scolaire 2006/2007 (cf détail dans cette édition du Ripevusch).

## 2. Maison Relais

Les services de la Maison Relais seront encore développés à partir de l'année scolaire à venir. Les enfants pourront profiter de la cantine scolaire les 5 jours ouvrables de la semaine. A côté du service d'accueil qui existe déjà maintenant, des activités socio-éducatives seront organisées les mardis et jeudis après-midi entre 14.00 et 18.00 heures. Le conseil communal a décidé d'introduire des tarifs pour la fréquentation de la Maison Relais qui sont basés sur les tarifs proposés par le Ministère de la Famille. La participation sera calculée en fonction de la situation financière de chaque famille et pourra varier de 1 € à 7 € par heure d'inscription. Avec Mme Karin Zians de Redange/Attert, le conseil a engagé une éducatrice graduée qui est expérimentée dans le domaine de l'encadrement des enfants. Mme Zians s'occupera de l'organisation et de la gestion journalière de la Maison Relais.

## 3. Urbanisation - Projets d'aménagements particuliers

Le conseil approuve les projets d'aménagements particuliers suivants:

- PAP pour 1 maison unifamiliale sur des fonds sis à Useldange au lieu-dit « Im Schockenberg », projet présenté par l'architecte Paul Bretz au nom et pour compte de M. et Mme Frisch-Hennicot.
- PAP pour 1 maison unifamiliale et 2 maisons unifamiliales jumelées sur des fonds sis à Useldange au lieu-dit « An Hiesel », projet présenté par l'architecte Marc Disteldorff au nom et pour compte des familles Meyers-Loesch et Kemp-Heirendt.

## 4. Reclassement de terrains et approbation de conventions

Vu que la Rue de l'Eglise à Useldange a été élargie en partie sur la propriété des consorts Zimmer, le conseil approuve le compromis d'échange pour une emprise sur la parcelle des consorts Zimmer. En contrepartie la commune cède aux consorts Zimmer une partie du sentier communal à l'arrière de leur propriété au lieu-dit « Useldange » et « Auf der Rosenacht ». Dans ce contexte le conseil communal a reclassé le terrain en question du domaine public communal en domaine public privé.

Le conseil approuve une convention passée entre CEGEDEL SA et le collège échevinal garantissant à CEGEDEL l'emplacement ainsi que l'accès à un poste de transformation dans la route d'Arlon à Useldange.

## 5. Sapeurs Pompiers

Le conseil communal a nommé M. Claude Kauffmann comme chef de corps des Sapeurs Pompiers de Schandel et décide d'acquérir des appareils de recherche personnes pour les besoins des Sapeurs Pompiers d'Useldange. →

## 6. Etat des restants 2006

Le conseil communal approuve l'état des restants de l'exercice 2006 lequel s'élève à 17'053,39 €.

## 7. Adaptation du règlement des taxes pour l'utilisation des salles communales

Le conseil a adapté son règlement des taxes pour l'utilisation des salles communales. Ce règlement devra encore être approuvé par le Ministre de l'Intérieur et entrera en vigueur après sa publication officielle.

## 8. Associations

Le conseil a approuvé un devis de 2.590,00 € pour l'acquisition de quatre nouvelles tables pour le Déschtennis Schandel.

## 9. Diverses demandes de subsides:

Le conseil décide d'allouer les subsides suivants:

- Nordliicht TV: 1.250 €
- 20ème anniversaire Scouts St. Maximilien Kolbe: 500 €
- Sécurité Routière: 150 €
- Lux Rollers asbl: 25 €
- A.P.E.M.H. asbl: 25 €
- Fédération Nationale des Corps de Sapeurs Pompiers: 25 €
- Amicale Sportive des Handicapés Physiques: 25 € ▪

# Avis au public

**Urbanisme**

Conformément aux dispositions de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, il est porté à la connaissance du public qu'en date du 27 juin 2007, le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire a approuvé la délibération du 9 février 2007 du conseil communal portant approbation provisoire du projet d'aménagement particulier au lieu-dit «In der Schammicht» à Everlange, présenté par l'architecte Marc Disteldorff pour le compte de M. Marco Pavani, concernant des fonds sis commune d'Useldange, section D d'Everlange, au lieu-dit «In der Schamicht» inscrit au nos 393/2649, 397 et partie du 393/1405 du cadastre.

Useldange, le 20 juillet 2007.
Le collège des bourgmestre et échevins.






# Den Football vun Useldeng virun der Saison 2007/2008

Text: Claude Boudler



Seniors 1 2007/2008 (Frëndschaftsmatch géint Christnach 07.08.2007)


Den Trainer Romain Goldschmit emgin vu sengen neie Spiller, v.l.n.r. Sascha Pick, Serge Schirtz, Patrick Bartholmé, Pascal Piscitelli, an James Clark.

An der leschter Saison hu mir souzesoen eist Ziel ereecht, knapp mee et as duergaangen. Nom Opstieg an d'zweet Divisioun haate mir eis als Ziel gesaat fir an der Divisioun ze bleiwen an nit erauszefaalen. Daat as eis zwar eréischt am Barragematch gelong mee et gung duer an daat war d'Haaptsaach. Am Barragematch, deen mir zu Béiwen/Atert géint Koplescht gespillt hun, ware mir an den éischte Minuten schon a Reckstand gerooden. Duerno hu mir de Match gedréint, sin 2-1 a Féierung gaangen, hun dunn den Ausgläich nach kasséiert an schlussendlech duerch een Goal vun Jean-Paul Dasbourg an zwee vum Jacques Boudler 3-2 gewonn an d'zweet Divisioun gesechert. D'Dréibuch vum Match hätt keinten vum Hitchkok sin. Firwaat hu mir déi Saison sou spannend gemaach an waat war de Grond dass sou vill Matcher verluer respektiv nit gewonnen goufen. Am Comité an am ganze Verain sin sech Gedanken gemaach gin a schnell wosste mir awer de Grond. Op verschiddene Positiounen, virun allem am Sturm war eis Equipe nom Verloscht vum Raphael Smit an Luis Martins daat Joer virdrun nit stark genug besaat.

Am Juni an der Transfertszäit hu mir dun gekuckt fir eben genau dess Positiounen nei ze besetzen an sin och fündig gin. Gläich 8 nei Leit verstärken d'Equipe vum Trainer Romain Goldschmit, deen weiderhin d'vollt Vertrauen vum Comité genéisst an a seng 3. Saison zu Useldeng geet. Mam Claude Bock, Alain Dierendonck an Conny Meiers verloossen 3 Spiller aus dem aktuellen Kader den Veräin, de Jacques Boudler hängt seng Schung, op mannst watt d'éischt Equipe betrefft, un de berühmte Nol. Déi nei Leit sin am Sturm den Patrick Bartholmé, Pascal Piscitelli an Sascha Pick, am Mettelfeld setzen den Nosa Agbontaen, James Clark an Lino Dell'Aera nei Akzenter, eis Verteidigung get mam Serge Schirtz an Steve Thoss verstärkt.

Eng reizvoll Aufgab fir den Trainer as et, des nei Spiller anzebauen an mat hinnen dann och an der Saison den Klassenerhalt ze packen. Eng Aufgab déi dest Joer nit méi einfach get, well d'FLF nämlech eng nei Divisiounsandeelung mecht an dofir dest Joer 5 Equipen aus eiser Divisioun erausfaalen.

An deenen éischten Frendschaftsmatcher huet een awer gesin, dass dest Ziel nit onméiglech as an déi nei Spiller mat deenen etabléierten schon zimmlech gudd harmonéiert hun. Fir nit erauszefaalen mussen mir minimum déi 9. Plaatz erreechen, an der leschter Saison waren dofir 35 Punkten néideg, mir haaten der 19, mussen also eng Schepp zouleen.

Eis zweet Equipe huet d'lescht Joer eng gudd Saison gespillt, si stungen um Enn op der 3. Plaatz an hun de Opstieg knapp verfeelt. Dest Joer huelen si dann, weiderhin ennert der Régie vum Roland May een neien Ulaaf. Eis Jugendspiller fonktionnéieren och an der neier

Saison an der Jeunesse Atertdaul, der Entente vun de Jugendspiller aus de Veräiner Beckerich, Ell, Preizerdaul/Réiden an Useldeng. Eenzeg Ännerung hei, zu Useldeng spillen nit méi d'Cadets, mee vun der Saison 2007/2008 un d'Junioren, den Trainer bleiwt awer mam Claude Hilbert deen selwechten.

### Generalversammlung

28 Memberen haaten sech ofgemellt, 52 hun un der Generalversammlung deelgeholl. Well den Carlo Kerger den 13. Juni 2006 als President vum Useldenger Football demissionéiert huet an sech entschellege geloos huet, huet den Vizepresident Lull Waltzing duerch d'Versammlung gefouert. Ugefaangen hu mir mat enger Gedenkminut fir eis verstuerwen Memberen, speziell déi dest Joer verscheeten Christophe Kieffer an Emile Feyen.

De Sekretär Claude Boudler as an deene verschidden Berichter op d'Leeschtungen vun der éischter, zweeter an den Equipen aus der Jeunesse Atertdaul agaangen. De Caissier Jeff Zigrand huet en détailléierten Finanzbericht ofgeliwert, am groussen ganzen si mir stabel bliwen, hun zimmlech daat selwecht op eisen Konten wéi am vergaangene Joer. Medaillen sin dest Joer keng verdeelt gin. Den Comité vum Football „bougéiert", mam Claude Hilbert, Dave De Bruyn an Dany Nahrgang kommen 3 nei Leit an de Comité. Well den Carlo Kerger ausscheed, wiesst eisen Comité domader op 16 Memberen. Daat sin dem ABC no Mike Andrade, Claude Boudler, Dave De Bruyn, Mich Geisbusch, Armand Heirendt, Claude Hilbert, René Karger, Marcel Kauthen, Marc Majerus, Roland May, René Pick, Mike Urbes, Lucien Waltzing, Jeff Zigrand an John Zinelli. D'Féierung vum Football huet en neit Gesicht. Neien President an Nofolger vum Carlo Kerger as den Marcel Kauthen, den Mike Andrade ersetzt den Claude Boudler no 9 Joer als Sekretär an de Claude Hilbert as Successeur vum Jeff Zigrand um Posten vum Trésorier. Mat der Usprooch vum Burgermeeschter Pollo Bodem as d'Versammlung op en Enn gaangen. Beim Grillen an engem gemittlechen Patt goufen éischt Pronostiken fir déi nei Saison gemaach.

Wéi dir bestemmt schon matkritt huet, steet elo um neien Terrain eng nei Buvette. Domat as eis vu Säiten vun der Gemeng e grousse Wonsch erfëllt gin, an vun elo un kennen mir eisen Zuschauer um Match e besseren Confort ubidden. D'Aweiung vun desem Komplex as vun der Gemeng fir Enn September festgeluegt gin. Mir freen eis also op éiren Besuch op eisen Footballmatcher, an wellen zum Schluss dann och nach e bessen Reklamm maachen fir eis nei Abonementskaarten. Mat deser Kaart kennt dir fir den Präis vun 30 € déi 14 Championnatsmacher kucke kommen, spuert also den Entrée vun 4 Matcher, avis aux Amateurs. D'Kaarten gin et beim Sekretär Mike Andrade. Déi nei Saison fänkt den Sonndeg, 2. September 2007 un. Eischten Géigner vun eiser éischter Equipe as zu Useldeng d'Equipe vun Bourschent. Mettwochs firdrun, den 29. August gett den éischten Tour vun der Coupe de Luxembourg gespillt. Do musse mir auswärts géint Berdorf/Consdorf untrieden. D'zweet Equipe start den Sonndeg, 9. Septembre 2007 zu Useldeng géint Ell an hiren Championnat, d'Juniors spillen hiren éischten Match den 15. September 2007 zu Useldeng géint d'Entente Biwer/Berbourg. Si sin an eng stark Poule gefall, spillen enner anerem géint d'Nowuesspiller vun Kaerjeng, Grevenmacher, Rosport oder den RFCU Luxembourg.

Weider Informatiounen iwert den Football fannt dir wéi gewinnt op eisem Internetsite www.footballuseldeng.lu. ▪

## Nordic-Walking Treff

Hei ass de Programm vum Nordic-Walking Treff fir no der Summervakanz.

| Datum | Auerzäit | Treffpunkt |
|---|---|---|
| 17.09.07 | 18.30 h | Useldéng bei der Kanoun |
| 24.09.07 | 18.30 h | Schandel bei der Kierch |
| 01.10.07 | 18.30 h | Iewerléng bei der Kierch |
| 08.10.07 | 18.30 h | Rippweiler bei der Kierch |
| 15.10.07 | 18.30 h | Useldéng beim Kirfecht |
| 22.10.07 | 18.30 h | Schandel bei der Kierch |

Jiddereen, dee Loscht an Zäit huet, ass häerzlech wellkomm fir matzegoen.

*Sportskommissioun aus der Gemeng Useldéng*

# Genderhaus

*Programm-Vorausschau*



Ein gut besuchtes Rundtischgespräch zum Thema „Fraeliewen am Wandel" fand am Internationalen Frauentag am 8. März 2007 im Centre Culturel Useldingen statt.



Ebenfalls fand im Rahmen des Internationalen Frauentages ein Cabaret der „Flantermais" mit ihrem Programm „For ever young" statt, welches großen Anklang fand.

### Mittwoch, 12. September 07 → 20.00 Uhr

**Wie Männer und Frauen miteinander reden … typisch weiblich?! - typisch männlich?!**

Konferenzraum „An der Millen",
1. Stock, 103 Huewelerstrooss, L- 8521 Beckerich

Referent: Ulrich Niewind, Dipl.-Pädagoge, Gendertrainer/Delphin Kommunikation

Inhalte:
- Wahrnehmung von Frauen und Männern
- Männer sind anders, Frauen auch
- Gesprächsrituale
- Wie sich Frauen und Männer in Besprechungen/Diskussionen verhalten
- Nonverbale Kommunikation von Frauen und Männern

Zusammen mit der Chancengleichheitskommission und der Elternvereinigung von Useldingen bietet das Genderhaus folgende Konferenz an:

### Donnerstag, 27. September 07 → 19.30 Uhr Centre Culturel Useldingen

**„Wie gut oder wie schlecht geht es unseren Jugendlichen in Luxemburg?"**

Referentin: Dr. Yolande Wagener des Gesundheitsministeriums

Die Ausgangsfrage ist, wie gesund sind die Jugendlichen? Wie wohl oder wie unwohl fühlen sie sich, in ihrer Haut, in der Familie, in der Schule, mit ihren Freunden und Freundinnen? Was sind ihre Gesundheits- oder Risikoverhalten? Wie zufrieden oder glücklich sind sie?

Um das Wohlbefinden der Jugendlichen bei einer repräsentativen Stichprobe von 11 bis 17-jährigen zu ergründen, wurde in Luxemburg diese Studie, im internationalen Vergleich und auf Initiative der Weltgesundheitsorganisation (WHO) durchgeführt. Frau Dr. Wagener wird das Wichtigste der Studie sowie deren Schlussfolgerungen zusammenfassend vorstellen; in der Diskussion wird sie auf Fragen des Publikums eingehen. Auf Seite 11 der Studie heißt es:

„Gesundheit ist ja nicht nur charakterisiert durch die Abwesenheit von Krankheit, sondern ist ein vorrangiger Bestandteil der Lebensqualität. Politische, wirtschaftliche, soziale, kulturelle und umweltbedingte Faktoren können die Gesundheit fördern oder sie schädigen. Anerkennung, Ablehnung, Selbstwertgefühl, Stress, Einsamkeit, Ausgrenzung, Gewalt, Solidarität, Armut, Lebensperspektive beeinflussen ganz wesentlich, ob eine Person sich „gut" oder „schlecht" in ihrer Haut fühlt. Sie bestimmen das Wohlbefinden oder das Missempfinden eines Menschen". →

## Freitag, 28. September 07 → 18.00 Uhr Zärenhaus/Redange

**Foto-Ausstellung des „Project United Color of Réiden".**

Es handelt sich um eine Zusammenarbeit zwischen dem Freizeitzentrum Ligue HMC Redange, dem Jugendtreff, dem Flüchtlingszentrum der Croix Rouge Redange und dem Genderhaus. Die vielen Einzelworkshops, z.B. Calligraphie, Trommeln, Bodypainting, Fotographie usw. werden in Form von Bild und Text in dieser Ausstellung präsentiert.

## Mittwoch, 3. Oktober 07 → 19.30 Uhr

Gemeindesaal in Eschdorf, Am Foumichterwee 2

**Haben auch Männer Wechseljahre?**

Vortrag und Gespräch mit Herrn Dr. Giacchi Sandro, Urologe in Esch/Alzette (de Virtrag ass op lëtzebuergesch)

Forschungen der letzten Jahre haben ergeben, dass auch Männer eine hormonelle Umstellung im reiferen Alter erfahren, die entsprechende Auswirkungen auf Körper und Psyche hat. Medizinische Fragen (z.B. Erkennung und Heilung von Prostata Krebs) werden ebenso wie psychologische Phänomene leicht verständlich erklärt. Außerdem gibt es Tipps für Frauen und Männer, wie die Wechseljahre auch bewusst als Chance zur Neuorientierung gesehen werden können.

## Samstag, 6. Oktober ist Pappendag!

**Genderhaus lädt ein zum Erlebnis-Workshop im Hochseilgarten Heiderscheid**

- Für Väter mit ihren Kindern bzw. Jugendlichen organisiert das Genderhaus einen sportlichen Erlebnis-Vormittag im Hochseilgarten Heiderscheid. Professionelle Trainer betreuen die Gruppe nach höchsten Sicherheitsstandards. Mindestalter für Kinder: 6 Jahre
- Für Kinder ab 6 Jahren kommen diese Elemente in Frage: die künstliche Kletterwand, der „Giant Swing" und der „Pamper Pole".
- Für Jugendliche ab 14 Jahren, die mind. 1,50 cm gross sind: z.B. „Flea Jump, Cargo Net, Burma Bridge (www.klammschoul.lu)

Festes Schuhwerk und wetterfeste Kleidung sind unabdingbar.
Partizipation: 15 € Erwachsene; 10 € Kinder/Jugendliche
Bei eventuellen Transportproblemen bitte im Genderhaus Bescheid sagen.
Anmeldeschluss im Genderhaus ist der: Montag, 24. September 2007 bitte mit Altersangabe der Kinder.

## Freitag, 9. November 2007 → 19.30 Uhr Zärenhaus zu Redange

Im Rahmen des Internationalen Männertages veranstaltet das Genderhaus einen Themenabend „Sind die neuen Väter schon da?" - Männer zwischen traditioneller Rolle und neuen Herausforderungen - mit Herrn Berthold Heltemes, Mitarbeiter bei der Initiativ Liewensufank im Projekt „Aktive Vaterschaft - von Anfang an". ■








# Peintures Robin: la tradition qui a de l'avenir

Communiqué Robin

## Inauguration d'une nouvelle usine de fabrication de couleurs à l'occasion du 80$^{e}$ anniversaire.



Quelque 600 clients, partenaires, collaborateurs et invités d'honneur ont assisté vendredi dernier, 18 mai, à la double fête chez Peintures Robin. Le 80$^{e}$ anniversaire de cette entreprise traditionnelle aurait certes été un événement assez important pour fêter, mais l'inauguration de la nouvelle usine donnait une justification supplémentaire pour porter un sérieux toast à l'avenir de ce fabricant de couleurs.

Le président du Conseil d'Administration, Carlo Clasen, a pu passer en revue une longue histoire de l'entreprise qui a débutée le 29 août 1927 à l'ombre du château d'Useldange. Ce qui a commencé en tant que modeste manufacture sur le terrain longeant l'Attert, s'est transformé au fil du temps en une usine de couleurs renommée au-delà de nos frontières. Malgré le rachat de bâtiments adjacents, et nonobstant plusieurs transformations et extensions des locaux existants, l'usine était devenue désespérément trop petite vers la fin des années 90 et l'expansion des ventes se voyait freinée par une capacité de production limitée.

## Le regard vers l'avenir

« Ces soucis appartiennent au passé », déclara Paul Theisen, directeur général, « car avec la nouvelle usine nous nous sommes offert le plus beau cadeau possible pour notre 80e anniversaire. Nous avons ainsi posé les fondations d'un avenir plein de succès ». Parallèlement à la construction d'une nouvelle usine à Useldange, Robin a également construit un nouveau centre de distribution à Leudelange, dans lequel sont commercialisés en plus de la gamme Robin complète, également des accessoires, des papiers peints, et avant tout des laques automobiles. Les deux nouvelles constructions sont pour Robin l'expression du renouveau de la société et le début d'une ère nouvelle.

Les deux années que prenaient les travaux à Useldange étaient tout sauf faciles. En effet, pendant tout ce temps, la production a dû continuer sans relâche. Paul Theisen est fier que pendant toute cette période le chiffre d'affaires n'a pas baissé, bien au contraire. Le mérite en revient avant tout aux collaborateurs qui ont démontré leur engagement pour leur entreprise, mais aussi aux clients fidèles qui ont parfois dû subir eux-aussi les conséquences pénibles des transformations en cours.

Le bourgmestre Pollo Bodem s'est montré plus qu'heureux que Robin a conservé son attachement à Useldange depuis 80 ans. Avec l'inauguration de la nouvelle usine, Robin a démontré sans aucune équivoque que l'avenir de la société restera intimement lié à ce site.

En tant que dernier orateur, le Ministre des Classes Moyennes Fernand Boden, apportait les félicitations du Gouvernement et soulignait à quel point la dynamique des PME industrielles est importante pour l'économie de notre pays.

## Productivité et écologie

Les invités d'honneur ont ensuite procédé à l'inauguration officielle de l'usine. Il s'agit d'une construction entièrement nouvelle, érigée sur une surface de 2.577 m$^2$, soit presque la moitié en plus des 1.748 m$^2$ que représentait l'ancien bâtiment. La différence est encore bien plus impressionnante au niveau du volume bâti: si les anciens locaux n'avaient que 7.142 m$^3$, la nouvelle reconstruction atteint le triple avec 21.315 m$^3$.

Plus d'espace, de nouvelles machines, une productivité accrue. Actuellement, Robin produit quelque 2.000 tonnes de couleurs, laques, lasures, diluants et composants

chimiques. A l'avenir, ces capacités pourront aisément être doublées, en fonction de la demande du marché. Au cours de la soirée, les hôtes ont pu se rendre compte des installations modernes, de l'entrepôt des matières premières à celui des produits finis, en passant par les différentes phases de production, sans oublier le laboratoire de recherche, dédié au développement de nouveaux produits et au contrôle de qualité.

En plus d'une productivité accrue, la nouvelle usine donne lieu à des conditions de travail optimales, un niveau de sécurité hors pair et un respect garanti des exigences environnementales les plus strictes. Le respect de l'environnement a d'ailleurs été depuis de nombreuses années l'un des premiers soucis des produits Robin. C'est ainsi que Robin a poussé de manière conséquente l'élaboration des peintures en phase aqueuse et des produits « high solids ».

### Le client en tant que partenaire

Qualité et service seront aussi à l'avenir des mots clé chez Robin, et les nouvelles installations y contribuent largement. « Notre proximité par rapport au client nous assure d'une flexibilité que nos concurrents internationaux n'atteindront jamais », explique le directeur Paul Theisen. « A Useldange, nous produisons sur mesure et pouvons répondre aux exigences spéciales de nos clients dans les délais les plus brefs. » Pour lui et son équipe, les entreprises de peinture, sociétés industrielles, administrations publiques et autres usagers professionnels des produits Robin, ne sont pas seulement des clients, mais de véritables partenaires que l'on assiste avec compétence et dévouement.

Les conditions optimales sont donc réunies pour écrire la suite du succès de Robin. Pour les 67 collaborateurs, l'inauguration de la nouvelle usine à Useldange marque le début d'une nouvelle ère.

### Robin en chiffres

Année de fondation: 1927
Personnel: 67 collaborateurs
Sites: 2 (Useldange et Leudelange)
Production: 2.000 tonnes par an
Clients: 2.400
Fournisseurs: 400
Références produits: 392.000

# Schulausflug nach Durbuy

Text: 5. Schouljoer

Von Montag, den 9. bis Mittwoch den 11. Juli waren wir mit der 5. Klasse nach Durbuy auf den Schulausflug. Als wir mit dem Bus in Arlon ankamen habe ich mich gefragt, wieso wir nicht vor dem Bahnhof standen. Doch als wir die Stadtpläne bekamen, verstand ich: Wir mussten den Weg zu einem Supermarkt finden. Dort bekam jede Gruppe einen Einkaufsauftrag und Geld. Unsere Gruppe musste 30 Bananen kaufen. Kurz darauf nahmen wir den Zug nach Barvaux. Wir hatten einen Spielekoffer dabei, so dass niemandem während der Reise langweilig wurde.

### Rafting

Gleich nach dem Mittagessen in der Herberge sind wir Boot fahren gegangen. Anfangs hatte ich Panik, doch als ich drinsaß war es richtig toll! In den Strömungen mussten wir schnell paddeln um nicht ins Ufer zu knallen. Zum Schluss zogen wir die Boote an Land und sprangen ins Wasser.



### Durbuy & Kinoabend

Abends spazierten wir bis ins Zentrum von Durbuy, der kleinsten Stadt der Welt. Dort wurde es richtig spannend: Wir mussten Plätze mit einem Plan finden, Fotos anschauen, Fragen beantworten und Unterschriften sammeln. Als wir erschöpft zurück in die Herberge zurückkehrten, schlüpften wir in die Pyjamas und sahen uns bei Popcorn auf einer großen Leinwand den Film „Mister Bean macht Ferien" an.

### Adventure Park & Schwimmbad

Dienstagmorgen stand Adventure Park auf dem Programm. Es gefiel mir gut, über die Hängebrücken zu balancieren und die Felsen hinaufzuklettern. Wer wollte, konnte sich einen 28 Meter tiefen Abgrund abseilen. Am Anfang hatte ich große Angst. Als ich auf der Felskante stand, zitterte ich sogar. Ich hätte fast geweint aber als ich die ersten Meter geschafft hatte war es ganz leicht. Fast jeder aus der Klasse hat sich getraut. Der Lehrer hat sich mit ein paar großen Sprüngen abgeseilt und der Moniteur lief sogar kopfüber die Steilwand hinunter.

Dann ging es weiter zum „Todesritt", einem 50m langen Seil an dem wir mit voller Geschwindigkeit den Hang hinunterrasten. Es war toll, frei in der Luft zu hängen und die Luft im Gesicht zu spüren.

Nachmittags vergnügten wir uns in einem offenen Schwimmbad.

### Speleo & Lagerfeuer

Abends erkundeten wir wie die Höhlenforscher mit Taschenlampen eine Grotte. Wir mussten rutschen, kriechen und uns durch schmale Spalten zwängen. Ein paar von uns haben Angst bekommen und wollten schnell wieder hinaus. Danach saßen wir bis Mitternacht an einem tollen Lagerfeuer zusammen, sangen Lieder und grillten Marshmallows. Danach konnten wir super schlafen.

### Grottes de Hotton & Abreise

Am Mittwochmorgen mussten wir schon wieder unsere Koffer packen, alles in den Anhänger laden und unser Picknick für mittags vorbereiten. Dann besuchten wir die „Grottes de Hotton", das zweitgrößte Höhlensystem in Belgien. Während der Führung erfuhren wir, wie Stalaktiten, Stalagmiten und Exzentriken entstehen.

Mit dem Zug ging es schließlich zurück nach Arlon, wo unsere Eltern schon auf uns warteten. ■

(Alle Fotos vom Ausflug auf www.useldeng.net)





# Nationalfeierdag 2007



Eireninvité war dëst Joer de Buurgermeeschter vun Arel



Nationalfeierdag ass d'Gelégenheet fir allen Aktiven aus der Gemeng offiziell fir hiren Asatz Merci ze soen.



Nieft den traditionnelle Rieden goufen awer och e puer Bierger fir hir aussergewéinleg Mériten am Veräinsliewen geéiert.



De Nationalfeierdag gouf, wéi dat sech gehéiert, mat engem flotte Fest a Freedefeier ofgeschloss...

## USELDENG BOUGEIERT

**Journée sportive à Useldange**
**Samedi, le 22 septembre 2007**

Suite au succès de la première édition, la Commune d'Useldange et la Commission des Sports vous invitent à participer à la 2ième journée sportive à Useldange.

**Les activités suivantes seront proposées :**

→ Nordic Walking avec la monitrice Lotty Welfring . Le matériel nécessaire sera mis à votre disposition et même les enfants (à partir de 7 ans) pourront participer à cette randonnée de 7 km.

→ Jogging de 8-10 kilomètres et un parcours pour les débutants. Nos accompagnateurs s'adapteront au rythme des participants pour que chacun puisse passer une matinée agréable.

→ Un tour à vélo. Nous vous proposons un tour de 90 minutes.

**Rendez-vous pour tous les sportifs :**
Samedi, le 22 septembre à 9.30 pour l'échauffement dans le hall sportif d'Useldange. Départ : 10.00 heures

Nous avons prévu une garderie pour les enfants et pendant la matinée il y aura des activités sportives pour les enfants dans le hall sportif (Prière d'apporter des chaussures de sport).

Pour nous faciliter la tâche, veuillez vous inscrire s.v.p. (T. 44 47 44 Marc Hansen / e-mail: chansen@pt.lu

Lors de cette journée sportive la nouvelle buvette (près des terrains de foot et de tennis) sera inaugurée officiellement. Pour cette occasion les clubs sportifs proposent un programme d'encadrement avec des « ateliers tennis » et un match de gala de football entre le FC RTL et les All Stars Useldange.
Le programme détaillé suivra.

Salutations sportives

*Les membres de la Commission des Sports d'Useldange*



# Den Internetsite useldeng.lu: elo interaktiv & am neie Look

Text: Gilles Develter

Zënter 2001 ass d'Gemeng Useldeng elo schonn am Internet ze fannen. Op der Adress Useldeng.lu ass iwwer d'Joren ee regelrecht Archiv vun Artikelen ronderëm d'Useldenger Duerf- a Veräinsliewen entstan.

Elo war et un der Zäit, de Site op de leschte Stand vun der Technik ze bréngen. Di statesch HTML-Säiten, déi nach eenzel per Hand erstallt a mat Contenu gefëllt hu misse ginn maache Plaz fir een dynamesche „Content Management System" deen d'Mise à jour mee och d'Benotze vum Site méi einfach maachen.

De Contenu vum ale Site ass gréisstendeels iwwerholl ginn. Nei ass, niewt dem Layout, d'Méiglechkeet, dass d'Visiteuren sech aktiv un der Gestaltung vum Site kënnen bedeeligen:

Am Forum ka jiddereen, no enger eemoleger Aschreiwung mat gülteger Emailadress, Messagen an di verschidde Rubrike schreiwen. Mir erhoffen eis op dëser Plaz een aktiven Austausch tëscht de Bierger aus der Gemeng.

Am Manifestatiounskalenner kënnt Dir elo selwer Är Evenementer proposéieren (Konferenzen, Versammlungen, Baler...). Eng Aschreiwungsoptioun ass och disponibel, esou datt Dir Iech direkt um Site fir een Evenement kënnt umellen.

Jiddereen dee sech registréiert huet ka seng eegen Texter direkt um Site aginn, déi dann, no enger Kontroll, als Artikel an der passender Rubrik publizéiert kënne ginn.

Dir kënnt eis direkt via de Site Är beschte Weblinks zoukomme loossen, déi dann an enger Lëscht automatesch publizéiert ginn.

Am Potereck (oder „Chatroom") kënnt Dir mat de Leit déi sech zur gläicher Zäit um Site ophalen, iwwert Tastatur a verschidde virtuelle Räim direkt kommunizéieren („chatten").

All Visiteur ka sech u Mini-Ëmfroen zu verschiddenen Theme bedeelegen.

Mat der integréierter Recherche-Funktioun fannt Dir mam richtege Stéchwuert elo zilgenau déi Informatiounen, déi Iech intresséieren.




Een Appel geet un d'Responsabel vun de Veräiner: Fir d'Informatiounen an där Rubrik esou komplett an aktuell wéi méiglech ze halen ass et wichteg, datt Dir eis Äennerungen z.B. am Comité matdeelt. Eng kleng Presentatioun vum Veräin mat sengen Ziler, Aktivitéiten, engem Historik oder och e puer Fotoen wieren och ganz flott.

An deem Sënn... kuckt mol bis laanscht op www.useldeng.lu! Mir freeën eis iwwert all Remarque a konstruktiv Kritik an eisem „Guestbook". ▪



# Summer-aktivitéiten

Och dëst Joer hate vill Kanner Freed bei den Useldénger Summeraktivitéiten. Ronn 70 Kanner hu sech an dëser Vakanz bei deene verschiddenen Aktivitéiten tip top amuséiert. Um Programm stongen nieft engem sportlechen Ausfluch an d'Coque nach Konschtatelieren an ganz vill Spill an Spass an der Natur. Och wann et hinnen bei der Oofschlossparty alleguere Leed gedoen huet, dass et schons eriwwer war, gouf et e groussen Trouscht: de Summer 2008 mat neie Summeraktivitéiten kënnt ganz bestëmmt! ▪



# Mammendag-feier



# Jobs d'étudiants

L'Administration Communale avait engagé durant les mois d'été 35 étudiants pour donner un coup de main aux collaborateurs communaux. Les jeunes gens rentraient parfois fatigués, puisqu'ils n'étaient pas habitués aux différentes tâches, mais les efforts étaient vite oubliés lorsqu'ils se rendaient compte qu'ils avaient contribué à embellir les rues de leur Commune. Détail non-négligeable: leur portefeuille semblait un peu plus rempli après le passage à la Recette Communale. ▪



# Tennistournoi 2007

Text: Estelle Heirendt-Bach

*Tennisclub Useldeng-Sell*

Zënter 5 Joer halen mir eisen Tennistournoi of. Obwuel mer am Ufank net vill Succès haten, gouf et vun Joer zu Joer besser.

Eis Tennisfrënn hunn sëch emmer méi engageiert, an duerfir haten mir och dest Joer Erfolleg.

Wéi déi eischt Spiller komm sin huet den Club hinnen eng Spaghetti offréiert. Wat fir ons selbstverständlech ass, dat ass, dass d'Spiller Wasser zur Verfügung kréien, an der Zeit wou si um Terrain activ sinn.

Am Enzel hunn 14 Leit gespillt.
Am Doppel hunn 10 Leit gespillt.
Et ass gespillt ginn vun 13.30 Auer bis 20.00 Auer, an d'Wieder huet den ganzen Dag matgespillt.
Gewonnen hat am Eenzel: Marc Zellinger
Doppel: Ben Flammang an Jeff Flammang
Kanner: David Wagner
No der Preisiwwerreechung soutzen mer nach beim Patt zesummen an hunn den Dag gemittlech ofklénge geloss.

Nach een Merci un déi Leit, déi eis an all deenen Joeren ennerstëtzt hunn! ▪



[Foto: Claude Bach]

**D'Jonk Mammen aus der Gemeng Useldeng stellen den neien Turnprogramm fir d'Saison 2007/2008 vir!**

Wëllt Dir fit sinn, da kommt an turnt oder steppt an der neier Sportshaal mat ons mat ! Fir jiddereen ass garantéiert eppes Passendes dobäi !

Mir fänken Méindes, den 17. September 2007 erëm un:

**Méindes**
Step / 19h30-20h30 (Martine)

**Mëttwochs**
- Fit&fun / 09h00-10h00 (Kirsten)
- GYM.Douce / 10h00-11h00 (Kirsten)

**Donneschdes**
- Kannerturnen (3-6 Joër)/ 15h00-16h00 (Sonja)
- Body-shape / 19h30-20h30 (Kirsten)
- Step / 20h30-21h30 (Kirsten)

**Freides**
Turnen fir d'Senioren(3e âge)/ 09h00-10h00 (Claudine)

**Nei ass:**
1. de Cours vun der Gym. Douce gëtt op Mëttwochs mueres vun 10h00-11h00 geluecht.
2. D'Kannerturnen ass Donneschdes mëttes nëmmen méi 1 Stonn, an zwar vun 5h00-16h00 Auer. Dësen Cours ass fir Kanner vun 3-6 Joër (Précoce bis 2. Spillschoul abegraff)

Fir all eis Turnstonnen ginn erëm Carneeën mat 10 Ticketen verkaaft, déi natierlech fir all Turncours zielen. De Präis fir ee Carnet bleiwt weiderhin 30 €. Fir Studenten an Kanner 25 €.

An de Vakanzen oder op Feierdeeg ginn keng Turnstonnen gehalen.

Fir weider Informatiounen kënnt Dir iech mellen um Telefon :
23 63 04 87 (Fischer Sylvie)
23 63 02 20 (Denelle Nicole)
23 63 06 80 (Boulanger Petra)
Mir hoffen op Ärt aktivt Intressi an Iech an der neier Turnsaison ze gesinn !

*De Komitee vun de Jonke Mammen aus der Gemeng Useldeng*

# Ausstellung vum Projet pédagogique am Kulturjoer 2007 de 7. Juli 2007 zu Useldeng an der Primärschoul

Text: Monique Barthel

Um Ufank vun deser Ausstellung stoung een abstrakt Wuert: „Gemeinschaft". D'6. Schouljore vun Useldeng a Bouneweg hu sech Gedanken doriwwer gemach, wou mir an eisem Liewen Gemeinschaftsgefiller spieren:

- an der Famill?
- an der Schoul?
- an der Par?
- an de Veräiner?
- an der Clique?

D'Kulturjoer 2007 huet eis invitéiert, dës gesammelt Inhalter mat Hëllef vun der moderner Konscht ëmzesetzen: Collagen mat Interviewen, Powerpoint Show, Skulpturen an nach villes méi.

Wichteg war eis, dass d'Leit, déi d'Ausstellung kucke kommen, mat all hire Sënner ugesprach ginn: d'Konschtwierker vun de Kanner kucken… upaken a veräenneren… lauschteren an nodenken.

D'Ausstellung huet nit nëmme Schoulklassen ugezunn, mee och Veräiner an Organisatiounen, bei deene Gemeinschaft grouss geschriwwe gëtt.

Nom 15. September geet eis Ausstellung op d'Rees… an ass ëmmer erëm ausbaufäheg ënnert ville verschidde Formen… ▪



[Foto: Monique Barthel]



[Foto: Monique Barthel]



[Foto: Monique Barthel]

# Ben Neuhengen nahm Abschied von der Gemeinde Useldingen

Text: Jos Clees



Vor kurzem hatte der Schöffenrat der Gemeinde Useldingen zu einer sympathischen Feierstunde eingeladen, um den langjährigen Mitarbeiter Ben Neuhengen zu verabschieden.

Bürgermeister Pollo Bodem warf einen kurzen Rückblick auf die Laufbahn seines verdienstvollen Mitarbeiters, der nach der Restrukturierung der ARBED zur Yates nach Wiltz wechselte um dann vor 25 Jahren seine Kandidatur zum Gemeindearbeiterposten in Useldingen zu stellen. Dank seiner vielfältigen Qualitäten avancierte er hier zum Chef des technischen Dienstes und war bei seinen Vorgesetzten, seinen Arbeitskollegen genau wie bei allen Einwohnern wegen seines Entgegenkommens, seiner Fachkenntnisse und seiner Menschenkenntnisse von allen geschätzt und bei jedem beliebt.

Kurz vor seinem Eintritt in den Ruhestand wurde Ben Neuhengen noch für seine 25 Dienstjahre von der Gemeinde geehrt .Ben Neuhengen hat als sozial engagierter Mensch auf ein Geschenk für dieses Dienstjubiläum von Seiten der Gemeinde verzichtet und wollte die entsprechende Geldsumme in Höhe von 625 € zu einem guten Zweck verwenden. Er liess diese Summe der Vereinigung „Een Häerz fir kriibskrank Kanner" zukommen.

Zum Abschluss drückte Pollo Bodem den Wunsch aus, dass Ben Neuhengen auch noch in seinem Ruhestand den technischen Diensten der Gemeinde mit seinen Fachkenntnissen und seiner Kompetenz zur Seite stehen wird, wenn Probleme auftauchen. ▪

« UNITED COLOR OF REIDEN »

## INVITATION CORDIALE A TOUS !

La Maison de Jeunes de Redange, le Centre HMC, le Centre de Réfugiés ainsi que le Genderhaus vous invitent à leur grande exposition sur le thème de la différence (peinture, photographies, calligraphies, bodypainting, djembé… ) ! Cette exposition aura lieu, le vendredi 28 septembre 2007 dès 18h00 au Zärenhaus de Redange.

Reidener Jugendtreff
1, rue de Niederpallen / L-8510 Redange
T. 23 62 05 09 / F. 23 62 09 85
e-mail: martine@mjredange.lu





# Schoulfest 2007

Text: Gérard Anzia

Wéi all Joer huet d'Elterevereenegung vun Useldeng als Afschloss vum Schouljoer ee Schoulfest fir d'Kanner organiséiert; dës Kéier ënnert dem Moto: Kiermes an der Schoul.

A 7 verschiddenen Atelieren hunn d'Kanner sech de ganzen Dag amuséiert, wéi een dat op de Fotoe ka gesinn. Dat waren am eenzelnen z.B. al Kiermesspiller wéi Béckse schéissen oder Neel aklappen, Mini-Golf, Luna-Park mat Flipper asw, Kéiséckersprangen, Hueseschéissen, Labyrinth-Fänken a Staffellaf mat der Schubkar.

Zousätzlech huet all Klass als Afschloss mat hierer Joffer oder hierem Schoulmeeschter missen ee Kiermes-Rap (Musek) erfannen a virdroen. Dat war ee Gaudi; et ass vill gelaacht ginn, an all Kand ass mat enger Tuut mat Kiermes-Bounen an engem Ticket fir an de Kino belount ginn.

Den afschléissenden Fussballsmatch ass dëst Joer ausnahmsweis vum 6. Schouljoer gewonn ginn; d'Léierpersonal an d'Elterevereenegung hu sech awer fest virgeholl, d'nächst Joer schonns am Januar mam Training unzefänken, a wann et sech als noutwenneg giff erweisen, gi si zesummen an der Päischtvakanz eng Woch laang an een internationalen Trainings-Camp. ■



[Foto: Georges Heyart]



[Foto: Georges Heyart]



[Foto: Georges Heyart]




# Rätsel-Eck




Martine Frank

*Quelle: Kanzlit (Internet), Esslin der Lern-spielverlag*




Suche Namenwörter die mit M und N anfangen


M = Grün / N = Orange




Zeigt Bello den Weg zu seinem Knochen



Zehn Vornamen sind im Buchstabenband enthalten. Wer findet sie alle?



Manifestatiounskalenner (Syndicat d'Initiative Useldeng)
All Ännerungen betreffend de Manifestatiounskalenner sinn am Sekretariat vun der Gemeng ze mellen!

| Datum | | Manifestatioun | Wou? | Organisateur |
|---|---|---|---|---|
| **September** | | | | |
| 22.09.2007 | Sa | Sportdag an Inauguration Buvette | Useldeng | |
| 23.09.2007 | So | Bietdag | Useldeng | Par Useldeng |
| | | Porte ouverte | Iewerleng | Iewerlenger Veräiner |
| 29.09.2007 | Sa | BAL Club des Jeunes Everlange | Useldeng | Centre Culturel Useldeng |
| **Oktober** | | | | |
| 07.10.2007 | So | Commémoratiounsdag | Useldeng | Enrôlés de Force |
| | | Rousekranzprëssioun | Iewerleng | Par Iewerleng |
| 13.10.2007 | Sa | Festa Italiana | Useldeng | Football Useldeng |
| 14.10.2007 | So | Musiksfest Everlenger Musik | Iewerleng | Centre Culturel Everlange |
| 21.10.2007 | So | Parfest | Useldeng | Kiercherot Useldeng |
| 28.10.2007 | Sa | Jonk Mammen Useldeng/Thé dansant | Useldeng | Centre Culturel Useldeng |
| 28.10.2007 | So | 75 Joerfeier | Iewerleng | Pompjeeën Iewerleng |
| **November** | | | | |
| 05.11.2007 | Mo | Opstellen vum Manifestatiounskalenner | Useldeng | Syndicat d'Initiative |
| 18.11.2007 | So | Kiermes | Rippweiler | |
| 18.11.2007 | So | Kiermes-Apéritif | Rippweiler | Pompjeeën Rippweiler |
| 18.11.2007 | So | Caeciliefeier | Schandel | Chorale Schandel |
| 24.11.2007 | Sa | Caeciliefeier | Useldeng | Chorale an Harmonie Useldeng |
| 25.11.2007 | So | Caeciliefeier | Iewerleng | Chorale a Fanfare Iewerleng |
| 25.11.2007 | So | Caeciliefeier | Rippweiler | Chorale Rippweiler |
| **Dezember** | | | | |
| 05.12.2007 | Më | Niklosfeier fir d'Schoulkanner | Useldeng | Gaart an Heem Useldeng |
| 08.12.2007 | Sa | Theater | Iewerleng | Fanfare Iewerleng |
| 09.12.2007 | So | Chrëschtmaart | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| 14.12.2007 | Fr | Theater | Iewerleng | Fanfare Iewerleng |
| 15.12.2007 | Sa | Theater | Iewerleng | Fanfare Iewerleng |
| 16.12.2007 | So | Chrëschtiessen | Useldeng | Senioreforum |
| 24.12.2007 | Mo | Kréppespill | | Par |





[Foto: boshua pour a l part]

Wann Dir Loscht hutt fir beim „Ripevusch" matzeschaffen oder heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir lech beim **Marc Hansen** mellen **(chansen@pt.lu)**.

Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Infokanal oder um Internet op **www.useldeng.lu**

**Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 3/2007 ass den 16. November 2007!**

### *Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange*

› ***Secrétariat*** | *M. Luc Schockmel*
idem que le bureau de la population sauf pour le samedi

› ***Population*** | *Mme Maggy Waltzing*
Lundi: 14h00 -17h30
Mardi/Mercredi/Jeudi: 08h30 -11h30
Vendredi: 13h00 -17h00
Samedi: 09h00 -12h00
(seulement 1er samedi de chaque mois)

› ***Service technique*** | *M. Marc Ferber*
idem que le bureau de la population sauf pour le samedi

› ***Recette*** | *M. Camille Schleich (en ff)*
A cause du remplacement du receveur communal, les heures d'ouverture de la recette devront être modifiées, de sorte que le bureau de la recette sera ouvert au public le mercredi après-midi et le jeudi matin.

USELDENG

**Administration Communale d'Useldange**

2, rue de l'Eglise • L-8706 Useldange
T. 23 63 00 51-1 • F. 23 63 82 27
www.useldeng.lu